adr
ALTERNATIV DEMOKRATESCH REFORMPARTEI
Groupe parlementaire

Här Fernand Etgen
President vun der Deputéiertechamber
19, um Krautmaart
L-1728 Lëtzebuerg

Lëtzebuerg, den 30. Mäerz 2021

Här President,

esou wéi d'Chamberreglement et virgesäit, bieden ech Iech, dës parlamentaresch Fro un d'Madamm Familljeminister an un d'Madamm Justizminister weiderzeleeden.

A Strukturen eweí Alters- a Fleegeheemer leeft d'Impfcampagne elo scho méi wéi e Mount. D'Onsécherheet géintiwwer dem Impfstoff ass grouss, an net jiddereen ass bereet, sech impfen ze loossen. Och ënnert de Leit am héijen Alter, déi als besonnesch vulnerabel gëllen, ginn et Leit, déi et virzéien, sech net impfen ze loossen. Bis elo gëllt, datt d'Impfung fir keen obligatoresch ass. Wann eng Persoun geimpft gëtt, ass also hir Awëllegung néideg.

An deem Kontext wéilte mir der Regierung gär folgend Froe stellen:

1. Wéi vill Leit wunnen zu Lëtzebuerg an enger Struktur eweí en Alters- oder Fleegeheem? Wéi vill vun deene Leit stinn ënner Tutelle, a wéi vill vun deene stinn ënner staatlecher Tutelle?
2. Ginn d'Bewunner vun esou Strukturen an/oder hir Tutelle iwwer d'Fräiwëllegkeet a méiglech Niewewierkunge vun der Impfung genee informéiert, esou datt si wëssen, wat eventuell op si duerkomme kéint, an datt si d'Impfung och ofleene kënnen, wa si net bereet dozou sinn?
3. Wie këmmert sech ëm dës Kommunikatioun? Iwwert wat fir e Wee an a wéi enger Form geschitt déi? A mat wiem?
4. Mussen esou Strukturen d'Awëllegung vum Bewunner an/oder senger Tutelle froen, ier si de Bewunner impfen? Wa jo, a wat fir enger Form?
5. Wat geschitt am Fall, an deem e Bewunner vun esou enger Struktur, deen ënner Tutelle steet, geimpft gëtt, ouni datt d'Awëllegung vun der Tutelle gefrot gouf an d'Tutelle och net domat averstanen ass?

6. Sinn esou Fäll bis elo bekannt? Wat wieren déi juristesch Konsequenzen an esou engem Fall a wien dréit hei d'Verantwortung? Wat wieren hei der Tutelle hir Handlungsméiglechkeeten, wa si dëst Virgoen net akzeptéiere wéilt?

Mat déiwem Respekt,

Fred Keup
Deputéierten

Roy Reding
Deputéierten